Discours de Mme la Présidente Claude WOLF
lors de la cérémonie de remise de la *Rucksaksbibliothéik*

Här Chamberspresident,

Madame Minister,

Léif Eieregäscht,

a virun allem léif Schüler an Enseignants,

Un Iech geet haut e ganz grousse Merci fir är formidabel Aarbecht am Dëngscht vun der Mémoire.

Den Zweete Weltkrich ass zanter 80 Joer eriwwer,
d'Versuchung ass grouss, fir d'Geschicht hanner eis ze loossen an no vir ze kucken, virwetzeg ze sinn op dat, wat d'Zukunft eis bréngt.

Mais wa mer haut kuken, wat ronderëm eis geschitt, dann ass et méi wichteg ewéi je, dat mer d'Vergaangenheet nët vergiessen, an datt mer virun allem di richteg Lektiounen doraus zéien.

Virun 80 Joer, den 10. September 1944, gouf Lëtzebuerg befreit. D'Freed war grouss, d'Regierung koum erëm, d'Liewe konnt nees ufänken.
Mei Papp, dee mat sénger Mamm an sénger Schwëster an engem Schweizer Flüchtlingslager gelieft huet, koum zeréck op Lëtzebuerg, frou fir erëm en neit, freit Liewen unzefänken.

Zwee Méint méi spéit war d'Euphorie eriwwer. Mat der Ardennenoffensive, déi am Dezember 1944 ugefangen huet, war de Krich erëm do - an dat direkt an eisem Land.
70.000 Leit hu missten aus den Eisléck flüchten…..

D'Nationalsozialistesch Partei ass 1933 - virun 91 Joer - an Deitschland un d'Muecht komm. Demokratesch gewielt. Si huet kee Putsch misste maachen, fir un d'Spëtz vum Staat ze kommen.

Ech liesen vill iwwer déi Zeit. „Dat geet erlaanscht", hun d'Leit deemols gesot, „déi do kënnen sech nët un der Muecht halen, dat ass eng Randgrupp, dat geet eriwwer". Besonnesch d'jüdesch Bevölkerung, huet sech an Deitschland doheem gefillt, war total integréiert, vill Judden haten am éischte Weltkrich gedéngt. Si konnten sich nët virstellen, dat ganz Deitschland hinne géif de Réck dréien.

D'Randgrupp ass ëmmer méi staark gin. Si huet all dat ëmgesat, wat an hirem Programm - dem 'Mein Kampf' - schon ungekënnegt war. D'Konsequenzen kënne mer.

Durfir musse mer dat, wat haut gesot a geschriwwe gëtt, ëmmer erëm analyséieren an hannerfroen.

Dat hudd dir an ären Arbechten gemaach, an durfir wëll ech Iech félicitéieren. Félicitéieren muss ech Iech awer och iwwer d'Art a Weis, iwwer d'Form, wéi der de Souvenir weider drot.

Mir sin a eisem „Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale" zum groussen Deel nach Leit aus der éischter Nokrigsgeneratioun. Mir hun villes vun eisen Elteren a Grousselteren verzielt kritt.

Eis Rucksackbibliothéik - an dat wat dir doraus gemaacht hudd a weider maacht - ass eise Moyen, fir de Flambeau un di jonk Generatiounen weider ze ginn.

Dir hudd hautan hei ären eegene Weer fonnt fir d'Mémoire oprecht ze halen, fir d'Analyse ze maachen an hoffentlech di richteg Lektiounen ze zéien. Äre Mérite ass nach méi grouss, wëll di Arbecht, déi der eis haut presentéiert hudd, nët um reguäre Schoulprogramm ass.

Dir hudd, zesummen mat ären Enseignants, iwwer den Tellerrand eraus gekukt - an dat verdéngt Unerkennung.
An deem Sënn wollt ech - haut an hei - awer och an d'Ausland kuken. An Deitschland ass d'Arbecht un der Mémoire en Deel vum Schoulprogramm - an och en Deel vum Enseigement vun den Proffen a Schoulmeeschter.
A Frankreich hat d'Madame Elisabeth Borne d'Iddi och ugeduecht. Si konnt se awer nët méi ëmsetzen.

Ech war frou, dat virun zwou Wochen, op der Commémoration Nationale, den Edukatiounsminister Claude Meisch, eisen Eieregaascht war, do konnt ech him déi Iddi, déi mir um Härz leit, direkt weider reechen.
Vielleicht kréien ech vum President vun der Chamber an vun der Justizministerin haut e wéineg Support - fir dat aus ärer Arbecht e Pilotprojet gëtt.
Dat wär eng flott an nëtzlech Art a Weis, fir d'Mémoire weider zedroen…